

# Conseil communal

## Séance publique du 10 juillet 2012

Durée de la séance: 14.15 à 16.00 heures

### Présents:

<b>Mellina Pierre</b> , bourgmestre (CSV)	<b>Breyer Roland</b> , 1 <sup>er</sup> échevin (CSV) <b>Conter-Klein Raymonde</b> , 2 <sup>e</sup> échevin (CSV) <b>Linden Jeannot</b> , 3 <sup>e</sup> échevin (LSAP)	
<b>Bosseler Camille</b> (CSV) <b>Conzemius-Holcher Josette</b> (CSV) <b>Gira Carlo</b> (CSV) <b>Polfer John</b> (CSV) <b>Rosenfeld Romain</b> (CSV)	<b>Brecht Guy</b> (LSAP) <b>Gonçalves Cátia</b> (LSAP) <b>Mertzig Romain</b> (LSAP) <b>Pierre Norbert</b> (LSAP)	<b>Becker Romain</b> (déi gréng) <b>Scheuer Romain</b> (déi gréng) <b>Welter Gilbert</b> (DP) <b>Thein Joé</b> (adr)

### Absents et excusés:

Néant

## ORDRE DU JOUR

### Séance à huis clos (14.15 heures)

1. Personnel: Nomination définitive d'un fonctionnaire communal - décision.
2. Affaires sociales
  - 2.1. Démission volontaire d'une aide-éducatrice - information.
  - 2.2. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) à durée indéterminée et à tâche partielle (13,5 heures/semaine) - décision.
3. Enseignement fondamental: Admission différée d'un enfant - décision.
4. Enseignement musical: Nomination d'un chargé de cours (m/f) - décision.

### Séance publique (14.30 heures)

5. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
6. Administration générale
  - 6.1. Titres de recettes - approbation.
  - 6.2. Vote d'une modification extraordinaire pour le remplacement d'une machine - décision.
7. Personnel: Création d'un poste d'éducateur gradué (m/f) sous le statut du fonctionnaire communal et suppression du poste de salarié - décision.
8. Propriétés
  - 8.1. Approbation de l'acte pour l'acquisition de terrains à Pétange, lieu-dit « rue Prinzenberg » de la part de M. Joël Charles Maurice Kohn et Mme Nadine Françoise Joëlle Verlainne - décision.
  - 8.2. Approbation de l'acte pour l'acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit « rue Prinzenberg » de la part de la veuve de M. Nicolas Weiler (Fisch) - décision.
  - 8.3. Approbation de l'acte pour l'acquisition de terrains à Rodange, lieu-dit « Au Chaux Four » de la part de M. Jean Théophile Rongveaux - décision.
  - 8.4. Approbation de l'acte pour l'acquisition de terrains à Pétange, lieu-dit « rue Eucosider » de la part de l'Etat - décision.
  - 8.5. Approbation du contrat de bail pour la location de terrains à Lamadelaine, lieux-dits « Im Gelben Butter », « Im Dielchen » et « In den Alerten » à M. Roger Niederkorn - décision.
9. Enseignement: Devis et vote d'un crédit supplémentaire pour la fourniture et la pose d'éléments de jeux dans la cour de récréation de l'éducation précoce à Rodange - décision.

10. Enseignement musical: Organisation provisoire de l'Ecole de Musique pour l'année scolaire 2012/2013 - décision.
11. Prévisions sociales: Convention avec le « Club Senior Prënzeberg » pour l'année 2012 - approbation.
12. Urbanisation: Avenant à la convention « Pacte Logement » - approbation.
13. Sports et loisirs: Approbation du contrat de bail pour la location de terrains à Pétange, lieux-dits « Auf der Langwies » et « In Hackert » par l'Etat - décision.
14. Infrastructures routières: Devis et vote d'un crédit spécial pour le renouvellement de la conduite d'eau dans la rue de l'Hôtel de Ville à Pétange - décision.
15. Vie associative: Octroi des subsides aux sociétés - décisions.

## COMPTE RENDU

### 1. à 4.

**Les points 1 à 4 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.**

**Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:**

**Personnel communal: nomination définitive d'un fonctionnaire communal – décision.**

Mme Majoie Patricia est nommée définitivement aux fonctions de rédacteur.

**Affaires sociales: nomination d'un aide-éducateur (m/f) à durée indéterminée et à tâche partielle (13,5 heures par semaine de classe) pour les besoins des Maisons Relais – décision.**

Mme Storione Felicia, de Pétange, est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle.

**Enseignement musical: Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour la direction du Big Band – décision.**

M. Ascani David est nommé chargé de cour pour la direction du Big Band à tâche partielle et à durée indéterminée avec effet du 1er septembre 2012.

### 5.

**Communications du collège des bourgmestre et échevins.**

Néant.

### 6.1.

**Administration générale.**

Titres de recettes au montant total de 3.507.239,53 euros – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

An de leschte Wochen hu mer eng ganz Rei Recettë krut. Ervirzesträichen ass de Sold vum Subsid vum der Neiwiss-Schoul, wou mer elo de Rescht kritt hunn. Et sinn dat e bësse méi wéi 200.000 Euro. Ervirzesträiche gëtt et och, datt mer eng zweet Avance beim Impôt commercial kritt hu vun 3,1 Milliounen Euro. Donieft sinn och nach eng ganz Rei méi kleng Recetten erakomm, esou datt mer en Total vun 3.507.239,53 Euro kritt hunn.

**Approbation à l'unanimité.**

### 6.2.

**Administration générale.**

Vote d'une modification extraordinaire pour le remplacement d'une machine trieuse/plieuse – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Bei dësem Punkt proposéiere mer lech eng exzeptionell Modifikatioun. Effektiv ass eis Maschinn, déi eise Courier faalt an an d'Enveloppé mécht, futti gefuer. Wa mer déi Maschinn elo géife flécke loossen, géif eis dat ronn 4.500 Euro kaschten. Well dës Maschinn awer schonns e gewëssenen Alter huet, gesi mer awer dovunner of. De Präis vun enger neier Maschinn géif bei ronn 16.000 Euro leien. Well mer dësse Kredit an eisem Gemengebudget net virgesinn haten, wollte mer dem Gemengerot virschloen, fir de Budgetartikel ëm 16.000 Euro ze héijen a fir domatter, esou séier wéi méiglech, eng nei Maschinn kënnen unzeschaffen.

**Accord à l'unanimité.**

### 7.

**Personnel communal.**

Création d'un poste d'éducateur gradué (m/f) sous le statut du fonctionnaire communal et suppression d'un poste de salarié – décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Am Dezember hate mer d'Décisioun geholl, fir – en vue vun der Erëffnung vun der neier Maison relais zu Péiteng – eist Personal opzestocken an e wéineg no engem anere Modus ze fueren.

Mir hate bis elo ëmmer eng Persoun hei an der Direktioun, wat och mat 2 Maisons relaise mat ronn 200 Kanner duergaangen ass. Wa mer awer op 500 Kanner kommen, da musse mer eis bewosst sinn, datt et mat enger Persoun an der Direktioun net méi duergeet.

Dofir hu mer d'Décisioun geholl, fir en zousätzlechen Éducateur gradué an d'Direktioun eranzehuelen. Mir géingen dann och aneschtens an de Maisons relaise verfueren. Well jo Péiteng e 'gradué' kritt mat iwwer 200 Kanner, wollte mer och e 'gradué' huele fir d'Maisons relaise vu Rodange a Rolleng. Dat féiert awer dozou, datt – wa mer duerno dee Poste definitiv statuëieren als Fonctionnaire communal – mer e Poste am Statut vum Salarié zevill hätten.

Dofir solle mer haut op de Wee goe fir e Poste vum Éducateur gradué ënner dem Statut vum Fonctionnaire ze schafen an de Poste ënner dem Statut vum Salarié ze sträichen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ass dat awer mat där Damm, déi Direktioun vun de Maisons relaisen ënnert sech huet, ofgeschwat? Ginn déi eens a schaffen déi duerno an engem Büro, oder geet iergendwann eng Kéier een op Rodange oder an eng Maison relais selwer? Hu mer schonn eng Virstellung, wéi dat duerno soll ausgesinn?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Si schaffen de Moment schonn zu zwee an engem Büro hei am Gemenghaus. Si gi ganz gutt eens an ergänze sech ganz gutt. Si musse sech natierlech hir Aarbecht opdeelen. Et ass net ausgeschloss, datt emol eng Kéier deen een oder aneren an eent vun den Haiser schaffe geet, mä mir wollten awer op de Wee goen, fir d'Direktioun ganz am Gemenghaus ze halen. An d'Préposéë maachen dann donidden d'Aarbechte mat de Koordinatoren a mat deene Leit, déi fir d'Vakanzaktioun schaffen. Déi Leit soll een um Terrain loossen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass op jiddwer Fall kloer, datt – duerch dee Fait, datt een elo e Changement de statut mécht – een net méi kann an eng Maison relais zeréckwiessle fir do d'Responsabilitéit ze iwwerhuelen. Dat hu mer där Damm och gesot. Dat geet net méi, well mer soss e Mix an de Maisons relaise kréien. Dee Fontionnairesposte ka just nach e Posten an der Administratioun sinn an net méi um Site selwer vun de Maisons relaisen. Well soss kréie mer en Duercherneen.

**Accord à l'unanimité.**

**8.1.****Propriétés.**

Acquisition de terrains à Pétange, lieu-dit «rue Prinzenberg», de la part de M. Joël Charles Maurice Kohn et Mme Nadine Françoise Joëlle Verlaine - approbation de l'acte.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir kommen elo zu enger Rei Compromisen, wou mer hei am Gemengerot schonn d'Prinzipiendécsioune geholl hunn. An der Tëschenzäit goufen d'Kafakte gemaach. An déi Akte mussen elo nach vum Gemengerot guttgeheescht ginn.

Beim éischte Punkt ass et en Akt, wou mer vum Här Kohn an der Mme Verlaine Terrainen um Prënzeberg kaf hunn, fir mat deem Terrain de Kierfecht ze vergréisseren an eng Streewiiss unzeleeën. Den Akt hu mer de 6. Juni 2012 ënnerschriwwen an et geet elo drëm, fir datt de Gemengerot deen approvériert.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech hätt eng Fro, dat net direkt zum Compromis, mä zum Prinzip. Gi mer am Prinzip ëmmer bei dee selwechten Notaire, oder musse mer ëmmer bei den Notaire goen, deen an der Gemeng ass? Oder kënne mer als Gemeng eisen Notaire fräi eraussichen?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir kënne selwer eisen Notaire wielen. Et läit awer op der Hand – wann en Notaire hei an der Gemeng ass – datt mer deen dann och virzéien, esouwäit hien och zu eiser Satisfioun schafft.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass esou, datt deen, deen den Akt bezilt, och de Choix vum Notaire huet. Wa mir elo eppes verkafen, an den Acquéreur geet gäre bei een aneren Notaire, da kënne mer

eis deem net verschléissen. Well 'les frais de l'acte sont à charge de l'acquéreur'.

**Approbation à l'unanimité.**

**8.2.****Propriétés.**

Acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit «rue Prinzenberg», de la part de Mme Marie Fisch, veuve de M. Nicolas Weiler - approbation de l'acte.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei geet et ëm eng Emprise, déi mer ofkaf hunn. Mir haten de Compromis och schonn de 16. November am Gemengerot, an de 6. Juni hu mer elo den Akt gemaach.

**Approbation à l'unanimité.**

**8.3.****Propriétés.**

Acquisition de terrains à Rodange, lieu-dit «Au Chaux Four», de la part de M. Jean Théophile Rongveaux - approbation de l'acte.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Den 1. Februar 2012 hate mer e Compromis am Gemengerot approvériert, wou mer Terrainen am « Chaux Four » vum Här Rongveaux ofkafen. Och hei gouf de 6. Juni 2012 den Akt beim Notaire gemaach.

**Approbation à l'unanimité.**

**8.4.****Propriétés.**

Acquisition de terrains à Pétange, lieu-dit «rue Eucosider», de la part de l'Etat - approbation de l'acte.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei geet et ëm Terrainen bei der «rue Eucosider», déi dem Stat gehéieren. Et ass haaptsächlech dee Wee, deen a Richtung Rolleng geet. Et geet drëm, fir fir de symboleschen Euro dee Wee vum Stat ofzekafen. De Compromis war schonns de 26. Januar 2007 hei am Gemengerot. An no laangem Hin an Hir ass elo schlussendlech den Akt gemaach ginn.

**Approbation à l'unanimité.**

**8.5.****Propriétés.**

Contrat de bail avec M. Roger Niedercorn pour la location de terrains communaux à Lamadelaine, lieux-dits «Im Gelben Butter», «Im Dielchen» et «In den Alerten» - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Virun enger gewëssener Zäit hate mer en Terrain kaf vun der Famill Guth. Déi Terrainen leie bei de Rollenger Weieren a si goufe bis elo ëmmer vum Bauer Roger Niedercorn vu Lénger ënnerhalen. Wou mir an de Besëtz vun deenen Terrainen komm sinn, hu mir mat de Bauerebetriber aus eiser Gemeng geschwat, fir ze kucken, ob si interesséiert wiere fir déi Terrainen ze pachten. Si soten awer, datt se géifen – well

dee Bauer vu Lénger dës scho méi laang ënnerhalen huet – zugonschte vun him drop verzichten.

Dofir proposéiere mer dem Gemengerot haut, fir de Contrat de bail mam Här Roger Niedercorn ze maachen. Mir kréien als Gemeng 1 Euro den Ar pro Joer fir d'Exploitation vun deem Terrain. Dat maachen an dësem Fall 255,60 Euro pro Joer aus. Et ass och esou, wéi et normalerweis üblech ass.

De Kontrakt leeft den 1. Juni 2012 un an dat fir d'Dauer vun engem Joer. Duerno gëtt de Kontrakt vu Joer zu Joer automatesch verlängert, ausser eng Partei kënnegt 3 Méint virum Oflaf per Recommandé.

### Approbation à l'unanimité.

## 9.

### Enseignement.

Devis (98.000 euros) et vote d'un crédit supplémentaire (44.000 euros) pour la fourniture et la pose d'éléments de jeux dans la cour de récréation de l'éducation précoce de Rodange – décision.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir kommen elo zu engem Devis an zu engem Zousazkredit fir Spiller, respektiv de Schoulhaff vum Précoce, deen zu Rodange am Bloberg wäert realiséiert ginn.

Et ass esou, datt mer am Kader vun engem Kontrakt, dee mer virun 2 Joer mam Fonds du Logement gemaach haten, fir de Bau vun deem Gebai, wou mir um Rez-de-chaussée, respektiv um Sous-sol, de Cycle 1 vun der Grondschoul installéiere wäerten. Doropshin hate mer schonn an deem Devis eng 20.000 Euro virgesi fir Spiller do ze installéieren. Mir hunn awer relativ séier gemierkt, datt déi Zomm, déi forfaitaire an dee Budget agesat gi war, net géif duergoen. Doropshin hu mer och nach e Kredit am Budget 2012 gestëmmt vun 33.000 Euro, fir grad de Schoulhaff ze aménagéieren.

Mir hunn awer misste feststellen, wou mer elo den Detail gekuckt hunn, datt ee gréissere Problem besteet. Well dee Schoulhaff net ganz grouss ass, ass d'Demande komm, datt mer dee ganze Buedem sollte gréisstendeels mat engem Sol coulé zouleeën. Dat war ursprénglech net virgesinn an dat ass awer relativ deier. Mir schwätzen do vun 39.000 Euro hTVA. Déi Zomm war an deene ganzen Iwwerleeungen, sief dat mam Fonds du Logement, sief dat mat dem Léierpersonal, net mat dran. Et huet sech awer erausgestallt, datt esou e Buedem noutwenneg ass, an dat opgronn vun de Sécherheetsmoosnamen, déi do musse stattfannen.

Et huet sech deemno erausgestallt, datt elo ronn 44.000 Euro feele fir dee Schoulhaff definitiv ze aménagéieren. Dat heescht, een Deel geet iwwer den normale Kredit, dee mer schonn zougesot hu vis-à-vis vum Fonds du Logement. Dat si ronn 21.000 Euro. Een Deel, dat si ronn 33.000 Euro, war virgesi fir Spiller ze kafen, an elo brauche mer nach eng Kéier 44.000 Euro fir dee Sol coulé ze realiséieren, deen noutwenneg ass fir d'Sécherheet vun de Kanner ze assuréieren.

Dofir proposéiere mer dem Gemengerot haut, fir den Devis vu ronn 98.000 Euro unzuehuelen an och en Zousazkredit vu 44.000 Euro ze stëmmen. Domatter kréie mer e Schoulhaff, wéi e muss si fir eng ronn 80 Kanner.

#### Welter Gilbert (DP):

Ech stelle fest, datt mer an der Réunioun vun haut 3 mol un de Budget rappe ginn, 3 mol Rektifikatiounen virhuelen. Ech versti ganz gutt, datt mer eng Trieuse/pleuse brauchen, an datt mer och eng Waasserleitung mussen ersetzen.

Mä ech stelle fest, datt mer - quid datt der schonn Erklärungen ginn hutt, datt déi Sue virgesi waren a geholl gi si fir aner Saachen ze maachen – regelméisseg bei de Spillplazen net mat de Suen auskommen. An ech froe mech, op effektiv do déi richtig Berechnungen gemaach ginn. Well bei de Spiller kann een awer relativ séier feststellen, wat dat alles kascht. A wann et elo déi éischte Kéier wier, da wier dat och nach kee Problem.

Mä et ass regelméisseg de Fall. Ech hu wéinstens 4, 5 mol, datt mer a Sétzungen nogehaakt hunn an ëmmer erëm e Budget gehéicht hu fir Spiller ze kafen. Ech wollt dofir emol e puer Erklärungen kréien, wéi dat berechent gëtt. Mir hunn elo hei en Devis virleien, dee vun eise Leit opgestallt ginn ass, an ech stelle fest, datt et ni mat de Suen opgeet.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech hunn lech gesot, wou de Problem läit. Wa mir natierlech elo hei am Gemengerot decidéiere fir de Belag mam Sol coulé net wëllen ze maachen – well do ass de Gemengerot fräi fir dat ze decidéieren -, da geet de Budget op.

Déi Aarbechte ginn elo am Dezember/Januar realiséiert, a mir hätten dat och kéinten an de Budget 2013 drasetzen. Mir sinn awer der Meenung, datt mer an deem Projet solle virukommen, an et kann och nach sinn, datt mer déi Suen dëst Joer net brauchen. Dat hänkt dovunner of, wéi schnell d'Aarbechte virginn.

Nodeems mer awer mat de Schoulmeeschteren a mat Luxcontrol diskutéiert hunn, koum d'Demande fir e 'revêtement sol coulé' ze maachen. An et ass elo um Gemengerot fir ze decidéieren, ob mer esou ee Belag maachen oder net. Wa mer et elo net maachen, da geet et mam Budget op. Dat ass de spréngende Punkt. Et ass just nach eng Saach ze decidéieren.

Wa mir elo hei majoritaire decidéieren, datt mer dee Sol coulé net wëllen, da geet dat och. Dat ass machbar an dann ass de Budget an der Rei. An de Budget ass opgestallt ginn ouni dee Sol coulé, well mer déi Noutwennegkeet net agesinn haten. Elo ass awer déi Demande do, esouwuel vun deenen, déi do Schoul halen, wéi och vu Luxcontrol, fir ronderëm déi Spiller méi eng grouss Sécherheet ze assuréieren.

Wa mir elo soen, datt mer dee Sol coulé net wëllen, da brauche mer näischt nozestëmmen.

#### Welter Gilbert (DP):

Ech si mat lech averstanen. Ech gesinn awer dann an deem heite Fall, datt mer hätten dee Budget fir d'Spiller sollen halen an datt mer eng Augmentatioun solle froe fir déi Aarbechten, déi do solle gemaach ginn. Well dat heite sinn elo zwou Saachen, déi vermëscht ginn.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir kéinte selbstverständlech en extrae Kredit maache fir just dee Sol coulé. Mä opgronn vun deem Devis, dee mer elo virleien hunn, weess ee genee vu wat geschwat gëtt, ëm wat et geet. Dofir hu mer och drop gehalen, datt mer en Devis virleien hunn, well normalerweis brauch ee bei Acquisitiounen keen Devis. Et waren 33.000 Euro virgesi fir Spiller ze kafen. Wann dat nëmmen d'Spiller gewiescht wieren, dann hätt een déi bezuelt an et wier fäerdeg gewiescht.

Mir hunn awer elo gemengt, fir a Fonctioun vun all deem hei am Gemengerot d'Transparenz spillen ze loossen an dem Gemengerot mat deem Devis ganz genee ze erkläre wat hei gemaach gëtt a wat schlussendlech elo festgehale gouf.

Ech versti schonn déi Remarque, datt dat elo zu dësem Zäitpunkt kënnt. Mä déi Diskussiounen sinn elo gefouert ginn,

nodeem den Haaptdeel vum Projet fäerdeg ass. A mir hunn eis mam Léierpersonal a mat Luxcontrol zesummegesat, fir ze kucken, wéi dee Schoulhaff kéint ausgesinn. An do koum déi zousätzlech Demande fir dee Sol coulé.

An opgronn vun der Décisioun, déi de Gemengerot haut hält, kritt de Fonds du Logement den Optrag fir d'Aarbechten esou auszuféiere wéi mer se elo proposéieren oder fir et méi einfach ze maachen.

**Welter Gilbert (DP):**

Ech kann domatter liewen. Dat ass fir mech kee Problem.

**Thein Joé (adr):**

Den ADR bedauert, datt et ëmmer zu esou immense Budgets-augmentatioune kënnt, wa Projeten net esou lafe wéi se solle lafen. Dat ganz Konzept an dee ganzen Aménagement gétt jo awer vu kapabele Leit kontrolléiert an doropshi gi jo da Konkusiounen gezunn. Esou datt dat jo awer hätt miisste méi oder manner prévisibel sinn. Dofir wäert den ADR dat heiten net matstëmmen. Mir sinn net averstanen, datt weider d'Geld esou ewechgehäit gétt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass dem ADR seng Positioun. Ech wollt nach eng Kéier e bëssen erklären, wéi dat hei fonctionnéiert. Déi Planung vum ganze Bau – och elo bei der Eigentschoul ass et identesch – ass genee geplangt an definéiert. A wann de Bau praktesch fäerdeg ass, da gétt de Konzept vun den Alentouren, haaptsächlech vun de Schoulhaff, virgeluegt an diskutéiert. Hei ass effektiv eng Diskussioun, déi mer elo solle féiere fir ze kucken, ob mer dee Sol coulé solle maachen oder net. Et ass um Gemengerot fir eng Décisioun ze huelen. Wann de Gemengerot mengt, datt de Makadam – deen ursprénglech virgesi war – genee esou gutt wier, da loosse mer de Sol coulé falen a mer brauche keen Zousatzkredit. Wann de Gemengerot awer haut der Meenung ass, datt dee Sol coulé noutwenneg ass, datt dat am Intressi vun eise Kanner ass, da kascht dat déi weider 44.000 Euro. Et ass ee Choix, dee mer elo hei sollen treffen. An dat huet näischt domatter ze dinn, datt eng Saach prévisibel ass oder net. Déi Diskussioun steet haut zur Debatt an net scho virun engem Joer.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Ausser deenen Ursachen, déi elo hei gesot gi sinn – Sécherheet fir d'Kanner - , ginn et och Ursachen, wat d'Haltbarkeet vun engem Sol coulé ugeet?

Ech hunn och elo e bëssen d'Rechnung gemaach. 330 m2 mussen aménagéiert ginn. Dat heescht et sinn 117 Euro /m2. Goufen do och aner Devisen ageholl, fir ze vergläichen?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat hei ass deen normale Präis, dee mir aus eisen Nofroen hin erausfonnt hunn. Wa mir elo haut décidéiere fir déi Aarbechten ze realiséieren, da wäerte mer natierlech Offere bei verschiddene Firme froen. Et kann also duerchhaus méiglech sinn, datt duerno de Präis bei 115 Euro/m2 ka leien.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wat elo d'Haltbarkeet ugeet, esou kann ee soen, datt et héchstwahrscheinlech méi laang hält. De Sol coulé huet och de Virdeel, datt d'Waasser net drop stoe bleift. Bei Makadam huet een eng Fläch, wou d'Waasser ka stoe bleiwen an am Wanter kann deen emol splittieren. De Sol coulé ass waasser-duerchlässeg an huet aus där Viraussatzung eraus eng méi laang Liewensdauer.

De Haaptvantage ass awer deen, datt – wann e Kand fällt – et sech net esou wéi deet wéi um Makadam. Et dréit also zur Sécherheet vun de Kanner bäi.

Ech kann also dem ADR seng Meenung net droen, datt et d'Suen ewechgehäit wier. Wann esou Aarbechten zur Sécherheet vun de Kanner bäidroen, dann ass et ëmmer eng gutt Saach.

**Thein Joé (adr):**

Also, eise Prinzip ass, datt mer einfach kucken, ëm wat et hei konkret geet. Geet et elo ëm d'Spiller oder geet et ëm den Aménagement vun deem Terrain. A wann een eis elo virgeheit, mir wiere fahrlässeg a mir wiere géint d'Sécherheet vun de Kanner an där Schoul, da bedauere mer dat zudéifst. Well dat ass ni eis Approche gewiescht.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass awer elo just vun lech gesot ginn, datt d'Sue géifen ewechgehäit ginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Domatter wieren d'Diskussiounen ofgeschloss. Wichtig ass hei fir de Surcouët ze erklären. An d'Ursach vun deem Surcouët ass eenzeg an alleng dee Sol coulé, deen zur Sécherheet vun eise Kanner bäidréit. A jidderee kann elo heibannen decidéieren, ob en dofir oder dogéint ass.

**Accord avec 16 voix et une voix contre (adr).**

**10.****Enseignement musical.**

Organisation scolaire provisoire de l'Ecole de Musique pour l'année scolaire 2012/2013 – décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir hunn haut déi provisoiresch Schoulorganisatioun vun der Musekschoul fir d'Joer 2012/2013 virleien. Ech wollt e puer Punkten aus där provisoirescher Schoulorganisatioun ervirsträchen.

An der Musekschoul bidde mer folgend Coursen un: Solfège, Harmonie, Museksgeschichte, Gesank, Blossinstrumenter, Corden, Percussioun, Klavieren a Kammermusik.

D'Chargés de cours an de Chargé de direction gi vum Gemengerot nominéiert. D'Remplaçanten, déi nëmme fir eng kuerz Zäit ersetzen, kënnen vum Schäfferot nominéiert ginn.

Zu den Aarbechtszäite vum Léierpersonal ass ze soen, datt se mussen op mannst 5 Minutte virun de Coursen op der Plaz sinn. Si mussen sech an engem Register an- an ausdroen, all kéiers mat hiner Énnerschrëft. Hir Tâche complète beleeft sech op 5 Deeg an der Woch, eng hallef Tâche beleeft sech op 3 Deeg. Hir Tâche journalière dierf keng 5 Stonnen 'en continu' iwwerschreiden an e Maximum vu 7 Stonne pro Dag dierfen se nëmme ginn.

Kee Cours – ausser et gétt eng speziell Genehmigung vun der Direktioun – dierf nach no 21.30 Auer ofgehele ginn.

All Schüler, deen onofgemellt feelt, soll direkt gemellt ginn, esou datt de Chargé och d'Feele vun engem Schüler direkt bei den Eltere melle kann.

D'Direktioun soll sech natierlech och mat de Chargéen ofschwätzen, wann emol muss ersat ginn. Den Direkter muss natierlech Disziplin wallte loossen. Hie muss och Gespréicher mat den Eltere féieren, muss d'Präsenz vun de Chargé kontrolléieren an um Enn vum Joer der Commission de surveillance de Point iwwer d'Schoul an iwwer d'Repercussioun vun de Coursë maachen.

D'Commission de surveillance, déi an der Musekschoul fonctionnéiert, ass autoriséiert fir a Begleedung vum Direkter

d'Klassen ze besichen. Si kann och un den Examen an un de Coursen deelhueelen, dat heescht, si kënnen dohinner lauschtere goen, si kënnen d'Registeren nokucken an natierlech kënnen se sech och informéieren iwwer d'Tenue vun den Instrumenter.

Zu de Generalitéite vun de Schüler sief ze soen, datt d'Kanner kënnen – esoubal se am zweete Spillschoulsjoer sinn – an déi éischt Klass 'éveil' kënnen erakommen. Et kann ee während senger Zäit an der Musekschoul ee Joer aussetzen. Wann een awer méi ewéi 2 Joer aussetzt, da muss een en Exame maache fir erëm opgeholl ze ginn.

D'Schüler solle sech natierlech och pënktlech an de Coursé presentéieren. Si sollen d'Gebailechkeeten an d'Instrumenter respektéieren. Si kënnen fir den eventuelle Schued, deen se maachen, haftbar gemaach ginn.

Wann e méi ewéi 3 mol onentschëllegt feelt, da kann de Schüler vun der Musekschoul ausgeschloss ginn, an dat op Initiativ vum Direkter an am Zesammenhang mam Schäfferot.

D'Aschreiwunge gi ganz oft um Schluss vum Joer gemaach, zesumme mam Chargé. Den Direkter affektéiert awer déi verschidde Schüler op déi jeeuweileg Instrumenter a Coursen.

Et gëtt och ëmmer eng Liste d'attente gefouert bei deenen Instrumenter, déi gutt besicht sinn. Et sinn dat haaptsächlech de Piano, d'Gittar an d'Perkussioun.

An der Schoulorganisatioun steet och dran, wéivill Stonne Cours pro Woch fir déi verschiddenen Zorte vun der Formation musicale / Solfège ugebuede ginn.

Et gëtt och Solfège fir déi Erwuesse ugebueden. Dat heescht, dorunner kënnen och Schüler vun Déifferdeng a Käerjeng deelhueelen, well mer jo eng Conventioun mat deene Musekschoulen hunn, esou datt mer am Kordall esou kënnen matenee schaffen.

D'Formatioun am Solfège fir déi Erwuesse begräift en Zyklus vun 3 Joer. A wann den Adulte déi éischt Mentioun wëll hunn, da muss hien 1 Joer Solfège renforcé maachen a muss sech och dofir aschreiwene.

Mir bidden och Kammermusek an deene verschiddenen Ensembles un, genee esou wéi Museksgeschichte, wa mer Schüler hunn, déi dorunner interesséiert wieren. Mir hunn och selbstverständlech nach ganz vill aner Coursen, déi stattfannen, bei den Ensembles, esou gutt vun de Sträich-wéi och vun de Bloosensembles.

D'Concerten an d'Auditiounen gi vum Direkter a vum Schäfferot genehmegt. Verschidden Aktivitéiten, genee wéi och Ofschlossfest, gi vun der Association des Amis de l'Ecole de musique organiséiert. Och bei de Stagen droen se hiren Obolus bäi.

D'Examen, d'Concoursen an d'Klassentester sinn Épreuves, deene sech d'Schüler, déi gären hiren Diplom hätten, mussen stellen. Eng Ongenügend ka kompenséiert ginn. D'Noexame ginn normalerweis bis de 15. Juli ugebueden.

Dee Schüler, deen de Concours de fin d'année net mécht, muss dat Joer nomaachen. Wann en awer gären de Concours de fin d'année wëll maachen, da muss hien den techneschen Deel bestanen hunn. Verschidde Concourse sinn ëffentlech. Do kënnen sech d'Leit vu baussen e Bild iwwer d'Schaffe vun de Schüler maachen.

D'Schoulvakanze si praktesch wéi déi aus dem Primaire, ausser datt d'Musekschoul ëmmer samschdes virun enger Vakanz nach Coursen ubitt.

D'Course ginn an der Musekschoul ofgehalen, awer och am Sall vun der Chorale, am Sall vun der Pétenger Musek, der

Rollenger Musek an der Nidderkuerer Musek, an natierlech och an de Musekschoulen zu Déifferdeng an zu Käerjeng.

Haut steet also déi provisoiresch Organisatioun vun der Musekschoul zur Ofstëmmung. Déi definitiv Organisatioun wäerte mer dem Gemengerot – wéi déi Joere virdrun – Enn Oktober, Uganks November virleeën.

#### **Becker Romain (déi gréng):**

Am Compte rendu vun der Kommissioun steet beim Punkt 12 'Le bâtiment de l'ancien EDIFF est supprimé' a beim Avis vun der Kommissioun 'Entendu les explications de Mme Conter, la commission propose de laisser le bâtiment sur la liste des lieux d'enseignement'. Ech hunn awer och an der Schoulorganisatioun ënner dem Punkt 12 gesinn, datt dat Gebai net méi als 'lieu d'enseignement' opgeléicht ass. Ass dat elo eminent? Hu mer en anere Sall fonnt fir déi Coursen ze halen oder gi se weider do ugebueden?

#### **Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dee Moment, wou d'Kommissiounssëtzung war, war d'Situatioun vun deem Gebai nach net ganz kloer. Ech hunn eréischt duerno d'Informatiounen kritt. Mir hu jo en anere Projet mat deem Gebai um Lafen, esou datt mer drun denken, datt dat Gebai am nächste Fréijoer – oder vläicht och schonn éischter – net méi kéint do stoen. Esou datt mer och elo net méi wëllen ufänke fir do Coursen ofzehalen an op aner Gebaier iwwerginn. Ech muss éierlech soen, datt se doriwier an der Musekschoul net ganz erfreet waren, well mer jo schonn net genuch Säll hunn. Mä den Direkter huet gesot, datt hie sech mat senger Chargé kéint arrangéieren, datt déi verschidde Säll fir ënnerschiddlech Course kënnen genotzt ginn. Och wann dat mat méi Hin an Hirgeplënners verbonnen ass. Si wëssen och, datt mer un enger neier Musekschoul schaffen, esou datt se an dëser Saach ganz verstänneg sinn.

#### **Becker Romain (déi gréng):**

Besteet dann net iergendwéi d'Méiglechkeet, datt mer kéinten op Klasesäll zeréckgräifen aus der Park-Schoul? Déi ass jo just vis-à-vis.

#### **Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat ass awer net ëmmer esou gutt gesinn, datt mer a Schoulen an a Klasesäll eraginn. Well ganz oft loosse d'Léierpersonal an d'Schüler Material dra leien. Esou datt mer dat, wann nëmme méiglech, wëlle vermeiden. Wa mer awer géife gesinn, datt et mat de Méiglechkeeten an der Musekschoul selwer net méi géif duergoen, da misste mer kucke fir anere Léisungen ze fannen. Déi mussen dann awer mat de Comités d'écolen an de Schoulpresidenten ofgeschwat ginn.

#### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wëll awer nach dobäi soen, datt mer dat Gebai vum fréieren EDIFF dëst Joer guer net gebraucht hunn. Well mir konnten am November an deene Säll d'Kanner vun den Asylanten do enseignéieren, well ebe keng Musekskursen do stattfonnt hunn.

#### **Accord à l'unanimité.**

## **11.**

#### **Prévisions sociales.**

Convention avec le «Club Senior Prénzeberg» pour l'exercice 2012 – approbation.

#### **Linden Jeannot, Schäffen:**

Hei geet et ëm eng Conventioun fir de Club Senior Prénzeberg tëscht dem Stat, de Gemengen Déifferdeng,

Käerjeng, Suessem a Péteng an dem Organisme gestionnaire «Aide pour personnes âgées Prénzebiërg asbl».

Ech wëll e bëssen op de finanzielle Volet agoen. D'Personalkäschte vum Club Senior Prénzebiërg belafe sech op 341.503 Euro. De Stat bedeelegt sech zu 87%, dat maachen 297.107 Euro aus. Hie leet awer och nach bei de Publikatiounen a bei den Assurancen 1.000 Euro bäi.

D'Participatioun vun de Gemenge läit bei de Personalkäschten bei 13%, wat 44.396 Euro ausmaachen. Dee Bäitrag gëtt tëscht de Gemengen, par rapport zu hirer Bevëlkerung, opgedeelt. Do gëtt nach ëmmer op d'Awunnerzuel vun 2006 zeréckgegraff. D'Participatioun vun de Gemenge fir 2012 gesäit folgendermoossen aus:

	Personal- käschten	Locatiouns- käschten	Total
Déifferdeng	15.539 €	10.714 €	26.253 €
Péteng	11.099 €	7.653 €	18.752 €
Suessem	10.655 €	7.346 €	18.001 €
Käerjeng	7.103 €	4.897 €	12.000 €

Dann hu mer och den Dekont vun 2011 virleien, wat d'Personalkäschten an de Loyer ugeet.

2011 läit fir d'Pétenger Gemeng d'Participatioun un de Personalkäschte bei 10.649,64 Euro a beim Loyer bei 7.573,06 Euro, wat en Total vun 18.222,69 Euro ausmécht. Mir hate schonn Avancé vun 17.231 Euro bezuelt, esou datt elo nach e Sold vun 991,69 Euro opsteet.

**Welter Gilbert (DP):**

Ech wollt emol direkt matdeelen, datt et eng ganz gutt Saach ass, datt déi 4 Gemenge sech zesummegeen hunn an datt et eng gutt Organisatioun ass. Et ass awer esou, datt mer bis elo ëmmer delegéiert gi waren, datt mer sollten un de Komiteessätzungen deelhuele. Dat war och an der Zäit ëmmer gemaach ginn. Ass dat haut och nach esou? Virun allem hate mer dann de Virdeel, datt mer an deene Versammlung konnten dofir suergen, fir eng Rei vu Manifestatiounen an eis Gemeng eranzekréien.

Et ass esou, datt dat Ganzt zu Déifferdeng ass an hirem Siège, an datt se am Prinzip mat engem Mini-Bus d'Leit siche fueren, esou datt d'Participatioun vun den Déifferdenger Bierger vill méi héich ass – prozentual gesinn – wéi déi aus deenen anere Gemengen. Well d'Leit beschwéiere sech awer emol fir mam Bus matzufueren. Esou datt mer ëmmer drop gedréckt hu fir datt esou vill ewéi méiglech Attraktiounen an der Gemeng Péteng solle stattfannen. Dat war och vum Komitee aus esou gewénscht, fir ëmmer erëm hei an der Gemeng e puer Manifestatiounen opzezéien.

Meng Fro ass, ob dat nach ëmmer esou ass? An hu mer an nächster Zukunft – fir déi 18.752 Euro, mat deene mer participéieren – och an eiser Gemeng eng Rei Manifestatiounen?

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Dat steet bis elo nach net zu 100% fest. Ech kann lech och soe firwat. Ech war an der Generalversammlung, wou déi aner Gemengen emol hir Leit, déi nei dohinnerkomm sinn, virgestallt hunn. An do war eng éischt Versammlung, déi se nennen 'concertatioun du troisième âge', fir déi ech mech awer hu missten entschëllegen. Ech krut awer de Mueren d'Invitatioun fir déi nächst Sëtzung, un där ech och wäert deelhuele. Wéi gesot, vum Komitee aus war bis elo eréischt eng Versammlung, fir déi ech mech entschëllegt hat.

Ech wäert och op deem Wee virufueren, deen d'Gemeng Péteng an der Vergaangenheet ageschloen hat. An ech

wäert och drop hiweisen, datt verschidde Manifestatiounen, och gréisserer, bei eis an der Gemeng solle stattfannen.

**Approbation à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

**12.**

**Urbanisation.**

Avenant à la convention «Pacte Logement» - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Den 8. Dezember 2008 hu mer eng Conventioun mam Ministère du Logement ënnerschriwwen fir dee Pacte Logement, wou mer eng gewëss Progressioun vun eisen Awunner an 10 Joer assuréiert hunn. Deemools ware mer mat enger Populatioun vun 15.021 op den 1. Januar 2007 fortgaangen. An der Tëschenzäit – no neie Berechnungen an no neie Recherchen – huet de Stat festgestallt, datt mer mer op deem Datum keng 15.021 mä 15.017 Awunner haten. Doropshi gouf schonn eng ganz Rectificatioun gemaach, wat d'Zuel ubelaangt. Well beim leschten Apport, dee mer vum Ministère du Logement krut hunn an dee mer och schonn hei am Gemengerot approuvéiert hunn, war ee scho vun der Ausgankspostioun vu 15.017 fortgaangen. Well awer d'Conventioun, déi mer den 8. Dezember 2008 ënnerschriwwen haten, vun 15.021 Awunner ausgaangen ass, muss elo hei en Avenant gemaach ginn an deem mer da vun där richteger Awunnerzuel op den 1. Januar 2007 ausginn, dat heescht vun 15.017 Awunner. Dat ass net vun Nodeel fir eis, well mir kréie fir 4 Awunner 6.250 Euro an deenen 10 Joer, wou mer Sue kréien.

**Approbation à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

**13.**

**Sports et loisirs.**

Contrat de bail pour la location de terrains à Pétange, lieux-dits «Auf der Langwies» et «In Hackert» par l'Etat – approbation.

**Linden Jeannot, Schäffen:**

Et geet hei ëm Terrainen, wou de Pétenger Fussballsterrain drop ass. Deemools war et esou, datt deen Terrain vum ale Pétenger Fussballsterrain, deen tëscht der Léngerstrooss an der Kuerstrooss louch, onbedéngt vum Stat gebraucht ginn ass fir de Contournement kënnen ze realiséieren. Et war gesot ginn, wa mir hinne géifen deen Terrain iwwerloossen, dat géife si eis déi Terrainen gi wou elo d'Fussballsterraine vum CSP sinn.

Si waren awer der Meenung, datt – wa si déi Terrainen erëm bräichten – da misste mir hinnen se einfach erëm ofrieden. De Buergermeeschter an de Schäfferot hunn doropshin intervenéiert a gesot, datt mer awer esou net verfueren. Well wann de Stat deen Terrain mam fréiere Fussballsterrain net kritt hätt, dann hätt de Contournement ni kënnen an där Form gebaut ginn. De Stat ass dunn higaangen an huet déi Klausel – datt si den Terrain kënnen op hir Demande zeréck kënnen huelen – aus dem Bail erausgeholl. Well de Stat awer keng Suen huet, huet hie gemengt, e misst awer da Loyer kréie fir deen Terrain. Dofir ass elo festgehale ginn, datt mir dem Stat 1.000 Euro pro Joer solle bezuele fir déi Terrainen, wou elo Fussballsterraine vum CSP drop sinn.

Domatter ass et awer nach net gedoen. Si froen och nach réckwierkend déi 1.000 Euro fir jeeweils d'Joeren 2006 bis

2011. Si verzichten awer op hir Uspréich, wat den Terrain ueget wou de Reeniwwerlafbecken drop ass. Dat soll dann elo Gemengenterrain bleiwen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Erlaabt mer awer ze soen – fir ganz korrekt mam Stat ze sinn -, datt mer hinnen déi Terrainen, déi se fir de Contournement gebraucht hunn, verkaf hunn. A wann ech mer richteg erënneren, hu mer se fir 190.000 Euro verkaf. A mir hunn – well dat laang duerno eréischt bezuelt ginn ass – och nach fir ronn 190.000 Euro Zënse vum Stat krut fir deen Acte. Dat heescht, mir bezuelen hei 1.000 Euro d'Joer a kënnen deemno laang bezuele bis mer bei deenen 380.000 Euro ukomm sinn, déi mer kritt haten. Dat muss een awer och fairerweis soen.

**Approbation à l'unanimité.**

**14.**

**Infrastructures routières.**

Devis et vote d'un crédit spécial au montant de 50.000 euros pour le renouvellement de la conduite d'eau dans la rue de l'Hôtel de ville à Pétange – décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

An der rue de l'Hôtel de ville hei zu Péteng hu mer e Problem mat der Waasserleitung. Dee Wee ass fir de Moment nach ëmmer privat. Mir exploitéieren a mir profitéieren deen awer schonn iwwer 50, 60 Joer. An déi Waasserleitung ass och schonn esou al an ass héchstwahrscheinlech eng Leitung, déi esou zesummegebastelt ginn ass, well déi Zäit jidderee sai Stéckelche selwer geluegt huet. Mir hunn elo festgestallt, datt alles zesummegefall ass an datt mer eng déck Fuite do hunn.

Et muss also d'urgence opgerappt gi fir d'Waasserleitung nei ze leeën. Mir profitéiere vum der selwechter Geleeënheet fir ze kucken, wéi et mat de Propriétéitsverhältnissen ass. Do si scho verschidde Levéeë gemaach ginn a wou mer eenzel Louse schonn direkt kënnen iwwerhuelen. Anerer mussen mer an de System vum den Emprisen eranhuelen, fir datt mer emol eng Kéier Kloeerheet do kréien an déi Strooss ganz kënnen iwwerhuelen.

Duerno muss nach gekuckt ginn, wat nach an där Strooss ze maachen ass. Et ass eng Strooss, déi vill befuer gëtt. Et ass ëmmer décken Trafic vum der Gare erof an d'Haaptstrooss. An do wäert och nach an den nächste Joeren eppes méi mussen gemaach ginn.

Fir de Moment ass et just urgent fir d'Waasserleitung ze flécken. An dofir bräichte mer – laut Devis vum eise techneschen Service – 50.000 Euro. Déi Sue waren net am Budget virgesinn an dofir froe mer de Gemengerot, fir eis déi haut ze stëmmen an esou eis d'Méiglechkeet ze gi fir esou séier ewéi méiglech kënnen mat den Aabechte lass ze fueren.

**Approbation à l'unanimité.**

**15.**

**Vie associative.**

Octroi de subsides aux sociétés – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Am Mount Juli diskutéiere mer am Gemengerot ëmmer iwwer d'Verdeele vum de Subsiden. Zanter 2001 hu mer en neit Reglement, dat am Joer 2009 liicht adaptéiert gouf, respektiv op e puer Plazen eropgesat gouf, well mer méi d'Jugendarbecht an de Virdergrond stellen.

Dir hutt elo d'Verdeelung vum de Veräinssubside virleien, déi vun eiser Verwaltung, souwéi och vum deenen eenzelne Kommissiounen virbereet gouf. Hinnen e grouse Merci fir déi vill Aarbecht.

Opgronn vum där Viraarbecht proposéiert de Schäfferot dem Gemengerot fir Subsiden an Héicht vum 110.844,86 Euro auszeschëdden. Déi Subsiden deele sech eigentlech an e puer grouss Komponenten op. Dat ass de 'subside de base', dee jidderee kritt en fonction vum der Aart vum Club, an dee bei 39.800 Euro läit. Dat si ronn 35,9 % vum deem Ganzen. Da spillen och d'Aktivitéiten eng Roll an déi leie bei 27.360 Euro, wat 24,7% ausmécht. D'Jugendarbecht läit bei 23.940 Euro, dat sinn 21,6%. An dann hu mer och nach eppes, wou de Schaffen- a Gemengerot vill Wäert drop leet, an dat ass d'Präsenz vum deenen eenzelne Veräiner bei deene Manifestatiounen, sief dat Nationalfeierdag, sief dat de Commémoratiounsday. An do sinn et 8.850 Euro oder 7,98%, déi ausbezuel ginn. An da bleiwen nach fir aner Saache knapp 10%, wou och een Deel eng grouss Roll spillt – mat iwwer 4% - an dat sinn d'Titercher, déi d'Oeuvres St Nicolas fir Niklosdag ausdeelen.

Wann de Gemengerot haut zu dëser Subsideverdeelung säin Accord gëtt, da ginn déi Suen och an deenen nächste Wochen un d'Veräiner ausbezuel.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass interessant ze gesinn, datt mer 99 Veräiner hunn, déi subventionéiert ginn. Et sinn 13 Veräiner dobäi, déi elo net hei an der Gemeng hire Siège hunn, mä déi awer Aktivitéiten hei hunn. Dat Ganzt ass opgedeelt op 34 Kulturell Veräiner, 29 Sportsveräiner, 26 Familljeveräiner, 5 Veräiner, déi méi mat dem Environnement ze dinn hunn, 2 Veräiner mam 3. Alter, 2 Veräiner fir d'Jugend an 1 fir d'Ausländer.

Et ass och opgefall, datt bei de Kultur- a Sportsveräiner, wou déi jeeweileg Kommissiounen hiren Avis ofginn hunn, d'Subsiden zum Virjoer praktesch onverännert bliwwen sinn.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech wollt als President vum der Sportskommissioun heizou Stellung huelen. Mir haten am Virfeld gesinn, datt e puer Veräiner liicht méi schlecht ewechkommen. An dat baséiert sech do drop, datt mäi Virgänger, den Här Coos, mat senger Équipe eng Tabell ausgeschafft hat. No engem gewësse Punktesystem huet een dann esou vill Punkte kritt fir eng Manifestatioun, déi een organiséiert huet. Mir hunn awer an eiser éischer Sëtzung erausfonnt, datt do verschidden Ongerechtegkeete bei där Tabell bestinn. Ech ginn iech just ee Beispill:

Et ka jo net sinn, datt een, wann een e Kannerbal organiséiert, e Punktewäert vu 4 kritt. Ee Punkt ass 60 Euro wäert an dee Veräin kritt da 460 Euro. E Veräin, deen awer bei der Kavalkad matgeet, kritt nëmmen 30 Euro. Ech sinn awer der Meenung, datt d'Kavalkad net soll bei de Gemengemanifestatiounen mat opgefouert ginn, obschonn ech e grouse Frënd vum der Kavalkad a vum de Fuesaktivitéiten hei an der Gemeng sinn. Well mir schaffe jo drop hin, datt ëmmer méi Veräiner aus der Gemeng sollen un där Kavalkad deelhuele an déi sollen och entsprechend belount gi wa se do matmaachen. An se sollen net nëmmen déi 30 Euro zegutt hunn, déi se kréie wa se un enger Gemengemanifestatioun deelhuele.

Mir haten e puer Differenzen, well mer eis un déi Tabell gehalen hunn. An dat ass e bëssen drop zeréckzeféieren – an dat muss een däitlech soen – op Schlamperei an datt déi Demandes de subsides e bëssen iwwerflächlech ausgefëllt ginn. Do steet zum Beispill op der Demande drop 'participation à diverses manifestations'. Domatter kënnen mer



net ganz vill ufänken. Ech hunn och schon am Virfeld mam Sportschäffen driwwer geschwat, fir datt mer de Veräiner déi nächste Kéier eng Tabell virleeën, wou se kënnen ukräizen, wat se effektiv organiséiert hunn. Dat mécht d'Saach vläicht méi einfach fir d'Veräiner an och fir eis.

Dat gesot, kann een awer am allgemengen zefridde si mam Resultat, wéi d'Subsiden ausgefall sinn. An da maachen ech och nach eng Kéier déi selwecht Bemierkung wéi all Joer, datt all déi Veräiner, déi vill Geld fir hir Jugendaarbecht kréien, och déi Suen an hir Jugendaarbecht sollen drastiechen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

2001 gouf et fir e Veräin net allzevill Suen. Et gouf nëmmen e Forfait an dee war ëmmer d'selwecht. An deemools hu mer am Gemengerot gesot, datt mer gären hätten, datt déi Veräiner, déi aktiv sinn, méi Sue solle kréien. Dofir gouf de Subside de base agefruer an et goufen Aktivitéiten definéiert. An a Fonctioun vun den Aktivitéiten a wéi aktiv e Veräin a senger Aart a Weis ass, gëtt de Veräi subsidiéiert. An da koumen och nach verschidde Manifestatioune vun der Gemeng dobäi, wou mer als Gemeng drop halen, datt d'Veräiner drun deelhuefen, a fir déi een och nach eppes bäikritt.

Wann ee vun Aktivitéit vun engem Veräi schwätzt, da sinn dat d'Aktivitéiten, déi zum Objet vum Veräi gehéieren an net Aktivitéiten, déi secondaire sinn zum Veräin. Dat ass d'Philosophie vun deem Reglement. An dofir kommen do vläicht Divergenzen. Well eng Kavalkad gehéiert zu der Aktivitéit vun enger Musek, mä fir e Fussballveräi sécherlech net, well dat näischt mat Fussball u sech ze dinn huet. Wann dee Veräi matgeet, dann ass dat ee Bonus.

**Welter Gilbert (DP):**

Ech wollt just froen, ob ee sech net vläicht eng Kéier d'Saach aneschtens iwwerleeë kéint mat deem Punktesystem fir verschidde Participatioune. Ech denken do haaptsächlech un eng Bärbelefeier, wat eng typesch Rodanger Manifestatioun ass, wou déi Pétenger Veräiner am Fong geholl musse matgoe fir am Punktesystem kënnen mat ze profitéieren. Déi wéinegst ginn awer net mat, well se eben och wëssen, datt et eng typesch Rodanger Manifestatioun ass. Sollt een dat net emol iwwerpräiwen?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et kann een et sécherlech eng Kéier kucken. Mä wann ech op der anerer Säit den 9. September huelen, esou ass dat eng typesch Pétenger Manifestatioun, wou och vläicht déi Rodanger Veräiner net drun deelhuefen. Et sinn eng Rei Organisatioune, a wann een u 5 Stéck deelgeholl huet, dann huet ee schon de Maximum vun de Punkten. Dat heescht, et

muss een net onbedéngt un alle Manifestatioune deelhuefen. Mä näischt verhënnert, fir dat doten eng Kéier ze kucken an ze iwwerleeën, wéi et méi gerecht kann oflafen. Och, wéi den Här Brecht gesot huet, fir ze kucken ob een eng Manifestatioun vläicht méi héich cotéiert wéi eng aner.

Fir eis war et als Gemeng emol fir d'alleréischte wichteg, fir datt d'Veräiner beim Nationalfeierdag oder dem Commémoratiounsdag mat de Fändelen dobäi sinn. Ech ka mech drun erënneren, datt fréier och supplementar bezuelt ginn ass, wann e Veräi mam Fändel dobäi war. Dat hu mer fale gelooss. Fir de Moment sinn d'Veräiner nach mat de Fändele vertraueden, mä wa mer eng Kéier keng Fändele méi hunn, da musse mer eis iwwerleeën, ob mer net eventuell musse e supplementare Bonus fir de Fändel ginn. Well e Cortège ouni Fändel gesäit och net gutt aus.

**Welter Gilbert (DP):**

Et ass jo och esou, datt bei der Bärbelefeier am Prinzip keng Invitatioune vun der Organisatioun un déi Pétenger Veräiner ginn. Esou datt déi am Prinzip emol net wëssen – wa se net un de Subsid denken – datt se do misste participéieren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Do maachen ech mer awer gutt Hoffnung, datt mat där neier Veräinsentente, déi iwwer d'ganz Gemeng geet, d'Coördinatioun verbessert gëtt. Fréier waren dat Organisatioune, déi vun all Entente separat gemaach gi sinn. Haut gëtt et eng Entente an ech sinn iwwerzeegt – a mir maachen de Wénk un de President – datt vläicht fir déi dote Saachen en Appel un all Veräin erausgeet. Well wat méi Leit un esou Traditiouns-Manifestatioune deelhuefen, wat mer e bessert Bild no baussen duerstellen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Et ass effektiv esou, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet. D'Roll vun där neier Entente ass effektiv déi, fir net nëmme méi seng Manifestatioune an der eegener Uertschaft ze promovéieren an d'Veräiner unzeschreiwen, mä et soll um ganzen Territoire vun der Gemeng geschéien. An dat ass ee groust Zil, dat déi nei Entente sech gesat huet.

Et ass jo och flott, a mir musse och ëmmer méi eisen Nopeschgemengen trotzen, well déi eis heiansdo ganz schéi Konkurrenz maachen. An et wier dee richtege Wee, wa mer d'Veräiner aus der ganzer Gemeng géifen uschreiwe fir eis eege Manifestatioune, déi mer an deenen 3 Sektione hunn, ënner anerem och Bärbelendag.

**Accord à l'unanimité. M. Bosseler, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## Questions des conseillers communaux

**Question écrite du 26 mai 2012 de M. Joé Thein (adr):**

D'ADR weist sech immens besuergt iwwer d'Fahrlässegkeet an d'Gefor, déi d'Collectrice du Sud mat sech bréngt. D'Schüler aus dem noe Lycée Technique Mathias Adam verschafe sech näämlech ëmmer nees eng Ofkierzung, déi vun der Zone industrielle aus iwwer d'Collectrice bei de Lycée oder de Fussballsterrain féiert. D'ADR géing sech hei wënschen, datt schnellst méiglech reagiert gëtt, ier et zur Katastroph kënn.

Deemno wëlle mer an eisem Schreiwes folgend Fro stellen: Ass déi ugeschwate Problematik dem Schäfferot bekannt a wéi steet een zur Iddi, fir zesumme mam Stat, e Foussgängeriwurwee oder Zebrasträifen, esou wéi eng adequat Beschëlderung op der concernéierter Plaz ze realiséieren?

**Réponse écrite du 2 juillet 2012 du collège des bourgmestre et échevins:**

Déi Problematik, déi hei ugeschwat gëtt, ass dem Schäfferot bekannt. An dëser Saach gouf et och scho Reunioune mat de Ponts et Chaussées. Doriwwer eraus huet de Schäfferot och scho schrëfflech bei de staatlechen Instanzen, ewéi dem Ministère des Travaux publics, dem Ministère du Développement durable an och bei de Ponts et Chaussées, op dës geféierlech Situatioun beim

Pétenger Lycée, de Fussballsterrainen an de Pétenger Weieren opmierksam gemaach. Dofir soll um Rond-point Porte de Lamadelaine en ënnerierdesche Passage ënner der Collectrice gebaut gi fir de Verkéier ze entlaaschten.

Wat elo d'Beschëlderung hei ugeet, esou fällt dat ënner d'Kompetenz vun der Stroossebauverwaltung.

#### **Question écrite du 4 juin 2012 de M. Carlo Gira (CSV):**

Am Kader vun deenen ONGen, déi mer als Klimabündnisgemeng ënnerstëtzen, hunn d'FNEL-Scouten scho fir méi Projete vun dësen Hëllef profitéiert. Ech wollt froen, ob et net méiglech wier, bei enger nächster Geleeënheet un d'Aktioun «Guiden a Scouten fir ENG Welt» ze denken, déi och esou Projeten ob deenen dräi Kontinenten Afrika, Südamerika an Asien matfinanzéieren. Ech wollt dëse Virschlag maachen, well mer eng Trupp vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten esouwuel zu Péteng ewéi och zu Rodange/Lamadelaine hunn. Wann et erwënscht ass, kann ech mech ganz gären ëm zousätzlech Informatiounen beméien. Méi Detailer fënnt een och op [www.ongd-lgs.lu](http://www.ongd-lgs.lu). Och schonn den LTMA huet e Projet vun den LGS am Niger ënnerstëtzt.

#### **Réponse écrite du 27 juin 2012 du collège des bourgmestre et échevins:**

De Schäfferot huet decidéiert, datt Är Propositionen berücksichtegt gëtt an datt se zesumme mat allen anere Virschléi zu engem spéideren Zäitpunkt am Schäfferot op d'Dagesuerdnung kënn.

#### **Question écrite du 4 juin 2012 de M. Carlo Gira (CSV):**

Déi nei Maison relais zu Péteng mécht fir dat neit Schouljoer hir Dieren op. Ech wollt wëssen, ob hei no engem spezielle pädagogesche Konzept geschafft gëtt, wéi wäit d'Ëmweltpädagogik heiranner berücksichtegt gëtt (aner Gemenge gi komplett op de Wee vun enger Bëschrëche), wéi d'Zesummenaarbecht mat de Sportsveräiner an der Musekschoul ass an no watfir Kriterien d'Menuen an der Kantin zesummesat ginn? Wéi wäit gi biologesch Produkter oder «produits du terroir» genotzt?

#### **Réponse écrite du 4 juillet 2012 du collège des bourgmestre et échevins:**

Wéi fir déi zwou Maison relaisen, gëtt och an där neier no bestëmmte Richtlinie geschafft. Déi sozialpädagogesch Ziler, déi an deene verschiddene Gruppen ugestriift ginn, dréine sech ëm d'Zesummeliwwen am Grupp, déi sozial Regeln, d'Kommunikatioun, d'Verbesserung vun der Lëtzebuerger Sprooch, d'Ënnerstëtzung bei den Hausaufgaben, pädagogesch Aktivitéiten ewéi och Fräizäitbeschäftigung. E Wocheplang mat ënnerschiddlechen Aktivitéiten, déi un d'Bedierfnesser an un d'Fäegkeete vun de Kanner ugepasst sinn, gëtt proposéiert.

Den Opbau vum neien Organigramm erméiglecht eis awer, déi Richtlinie weider auszeschaffen an d'Konzept un déi 3 Haiser unzepassen. Esou wéi ënnert anerem d'Ëmweltpädagogik, wäert och d'Zesummenaarbecht mat de Sportsveräiner an der Musekschoul mat an dat Konzept afléissen an ugestriift ginn. An deem Kader ass awer nach feststellen, wéivill Kanner aus der Maison relais un ausserschouleschen Aktivitéiten deelhuefen.

D'Menuë ginn no den diätesche Rekommandatiounen vum Gesondheetsministär an de Richtlinie vum «Cahier de charges» vun enger Aarbechtsgrupp festgeluegt, déi sech zesummesetzt aus der Préposée aus der Maison relais Péteng, der Préposée aus der Maison relais Rodange-Lamadelaine, der Chargée de direction oder der Adjointe, dem Chefkach an enger Ëmweltberoderin. Et gëtt versicht, biologesch Produkter esou wéi «produits du terroir» virzegesinn.

An der Ausschreiwung fir d'Kichen hu mir dëst gefrot: «... Le prestataire fera le nécessaire pour présenter régulièrement des produits labellisés du terroir mais également des produits d'origine biologique; de ce fait, sa politique d'approvisionnement contribuera au développement de l'offre alimentaire auprès de ses fournisseurs et par la même, à répondre à une demande de plus en plus pressante de ses convives végétariens ou allergiques aux différents aliments. ... Chaque candidat devra tenir compte de la présentation régulière des produits labellisés du terroir ou de produits d'origine biologique. Les prestations à base d'OGM sont à proscrire ...».

#### **Question écrite du 4 juin 2012 de M. Carlo Gira (CSV):**

Ech wollt dem Schäfferot mat op de Wee ginn ze iwwerleeën, wéi een all déi Reglementer, déi an der Gemeng bestinn, kéint kontrolléieren. Oder bestinn dës just fir kënnen ze tranchéieren wann et Sträitpunkte ginn? Ech ermimme just de Kaméidi de Weekend (wou och Entreprises, déi an der Gemeng schaffen, sech net drun halen), d'Stationéieren op de Banden nieft de Foussgängersträifen an den Trottoiren, d'Honds- an d'Kazendrecker a soss alles, wat ewechgehäit gëtt. Sinn dës Reglementer genuch bekannt oder miisst een net regelméisseg an eise Publikatiounen doropper hiweisen?

#### **Réponse écrite du 2 juillet 2012 du collège des bourgmestre et échevins:**

D'Gemeng Péteng huet zanter dem Joer 2011 en neit Polizeireglement, dat, wéi och déi aner Reglementer, vun der Police grand-ducale kontrolléiert gëtt.

De 14. Juni 2012 war eng Entrevue tëschen dem Schäfferot an deenen zwee Commissairë vun der Police vu Péteng an Déifferdeng. Hei ass ë.a. festgehalen ginn, datt och d'Polizeireglement an Zukunft méi effizient a systematesch kontrolléiert gëtt.

D'Gemengepolitiker kënnen nëmmen op hirem Territoire reglementéieren, d'Police grand-ducale ka kontrolléieren a protokolléieren. Schlussendlech läit et um Gericht, fir an deenen eenzelne Fäll ze tranchéieren an d'Strofmooss festzeleeën.

All d'Reglementer sinn, respektiv ginn der Bevëlkerung och regelméisseg matgedeelt.

Ausserdem stellt de Schäfferot och regelméisseg eng Thematik am Magazin 'Meng Gemeng' fir. An den zwou leschten Editiounen sinn zum Beispill Artikele publizéiert ginn iwwer d'Thema Gaardenaarbecht respektiv Grillen.

De Schäfferot denkt och an Zukunft drun, fir mat dëser Informatioun virun ze fueren, respektiv verschidde Sensibilisatiounscampagnë mat der Police an der Bevëlkerung ze starten.

**Question écrite du 5 juin 2012 de Mme Cátia Gonçalves (LSAP):**

Esou wéi d'Gemengereglement an d'Gesetz et virgesäit, bieden ech lech déi folgend Froen iwwer de Wee vun der Lasauvage-Strooss bis op d'Doihlbunn ze beäntweren.

Vun der rue de Lasauvage zu Rodange bis op den Terrain vum ale Betrib «Trax», féiert e Wee bis an den Atelier vun der fréierer Minièresbunn Doihl hin. De Stroossebelag vun dësem Wee ass, laut mengen Informatiounen, an engem ganz schlechten Zoustand, mat Lächer tëschent 20 bis 100 Zentimeter an ongeféier 15 Zentimeter déif. Dozou kënn, datt dat deen eenzeg Zougank fir d'Personal vun der Minièresbunn Doihl ass, fir an den Atelier ze kommen. Doriwwer eraus ginn och touristesch Aktivitéite gebueden, déi vum Fond-de-Gras bis op Saulnes a Frankräich duerch d'Galerië fueren, wat déi wichteg Fro vun der Sécherheet opwäerft am Sënn, wou dëse Wee deen eenzeg Zougank fir d'Rettungsdéngschter ass, falls eppes bei der Doihlbunn géing geschéien.

Ech weisen och drop zeréck, datt de giele Stängercherswee, dee vun der Trax bis op d'Minièresbunn geet, schon emol mam Accord vun der Gemeng frësch gemaach ginn ass, well deen op Gemengenterrain ass an de Fierschter averstane war.

An dësem Kontext géing ech gäre folgend Froe stellen:

- Ass d'Gemeng Péteng fir dëse Wee verantwortlech, a wann Neen, wem gehéiert dëse Wee?
- Gedenkt d'Gemeng Péteng eppes z'ënnerhuele fir d'Sécherheet vun den Touristen an de Spazéiergänger ze garantéieren?

**Réponse écrite du 29 juin 2012 du collège des bourgmestre et échevins:**

Dëse Wee gehéiert deelweis dem Stat an der Firma Trax, déi awer an der Tëschenzäit a Faillite gefall ass. De Stat ass amgaange mat dëser Firma ze verhandele fir hiren Terrain ze kafen, allerdéngs ass d'Gemeng net weider informéiert ginn, wéi wäit dës Verhandlung fortgeschratt sinn. Mir informéieren déi Responsabel beim Stat, datt dëse Wee an engem schlechten Zoustand ass an datt dréngend eppes muss ënnerholl ginn.

**Question écrite du 5 juin 2012 de M. Romain Becker (déi gréng):**

D'Awunner aus der rue Bellevue zu Péteng hunn eis op deen enorme Camionstrafik bei d'Eucosider an zeréck opmierksam gemaach. Effektiv stinn do all owes Camionen um Site. Firwat ass dat esou, wou d'Eucosider dach net méi um Pétenger Site schafft, mä als Bestanddeel vun ArcelorMittal hir Aktivitéiten op Nidderkuer an d'Zone industrielle Haneboesch verlagert hunn? Mir schreiwen den Camionen, déi um Transit sinn, jo vir, d'Collectrice ze benotzen an net duerch Péteng ze fueren, ausser wa se do ze dinn hunn – abee, dann dierfte jo an deem Sënn keng Camionen duerch Péteng (rue de Niederkorn, rue Bellevue) fuere fir just op de Site vun der fréierer Eucosider parken ze goen. Kann de Schäfferot do eppes ënnerhuelen?

**Réponse écrite du 29 juin 2012 du collège des bourgmestre et échevins:**

Au stade actuel, le collège échevinal ne saurait s'opposer à une affectation qui est conforme aux prescriptions du plan d'aménagement général, à savoir une «zone d'industrie légère». Le reclassement de ces terrains en zone mixte urbaine est prévu dans le contexte de la révision du plan d'aménagement général.

Nous allons procéder à un inventaire de la circulation dans les rues concernées en vue de collecter des données précises sur la circulation. Ces données seront à votre disposition si vous le souhaitez.

## Gemeinderatssitzung vom 10. Juli 2012

**Anwesend:**

<b>Mellina Pierre</b> , Bürgermeister (CSV)	<b>Breyer Roland</b> , 1. Schöffe (CSV) <b>Conter-Klein Raymonde</b> , 2. Schöffe (CSV) <b>Linden Jeannot</b> , 3. Schöffe (LSAP)	
<b>Bosseler Camille</b> (CSV) <b>Conzemius-Holcher Josette</b> (CSV) <b>Gira Carlo</b> (CSV) <b>Polfer John</b> (CSV) <b>Rosenfeld Romain</b> (CSV)	<b>Brecht Guy</b> (LSAP) <b>Gonçalves Cátia</b> (LSAP) <b>Mertzig Romain</b> (LSAP) <b>Pierre Norbert</b> (LSAP)	<b>Becker Romain</b> (déi gréng) <b>Scheuer Romain</b> (déi gréng) <b>Welter Gilbert</b> (DP) <b>Thein Joé</b> (adr)

**Abwesend und entschuldigt:**

**1. - Personalfragen.**

Ernennung einer Beamtin - Beschluss.

Frau Patricia Majoie wurde für die Funktion des Redakteurs ernannt.

**2.1. - Soziales.**

Rücktritt einer Hilfserzieherin - Information.

Dieser Punkt wurde in der Geheimsitzung behandelt.

## 2.2. - Soziales.

Ernennung eines Hilfserziehers (m/w) – Teilzeitbeschäftigung (13,5 Stunden/Woche) und auf unbegrenzte Zeit – für die Maison relais – Beschluss.

Frau Felicia Storione aus Petingen wurde für diesen Teilzeitposten eingestellt.

## 3. - Grundschulunterricht.

Zeitlich abweichende Aufnahme eines Kindes - Beschluss.

Dieser Punkt wurde in der Geheimsitzung behandelt.

## 4. - Musikunterricht.

Ernennung eines Lehrbeauftragten (m/w) für die Leitung der Big Band - Beschluss.

Ernennung von Herrn David Ascani als Lehrbeauftragter für die Leitung der Big Band – als Teilzeitbeschäftigung und auf unbegrenzte Zeit – ab dem 1. September 2012.

## 5. - Mitteilung des Schöffenkollegiums.

Keine.

## 6.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in Höhe von 3.507.239,53 Euro – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

## 6.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Abstimmung einer außerordentlichen Änderung zwecks Ersetzen einer Falt- und Sortiermaschine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

## 7. - Personalfragen.

Schaffung eines Erziehers (m/w) im Rahmen der beamtenrechtlichen Bestimmungen sowie die Abschaffung eines Arbeiterpostens – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

## 8.1. - Liegenschaften.

Erwerb von Grundstücken von Herrn Joël Charles Maurice Kohn und Frau Nadine Françoise Joëlle Verlaine am Standort „rue Prinzenberg“ in Petingen – Bewilligung des Kaufaktes.

Bewilligung einstimmig.

## 8.2. - Liegenschaften.

Erwerb eines Grundstücks von Frau Marie Fisch verw. Nicolas Weiler am Standort „rue Prinzenberg“ in Petingen – Bewilligung des Kaufaktes.

Bewilligung einstimmig.

## 8.3. - Liegenschaften.

Erwerb von Grundstücken von Herrn Jean Théophile Rongveaux am Standort Au Chaux Four in Rodange – Bewilligung des Kaufaktes.

Bewilligung einstimmig.

## 8.4. - Liegenschaften.

Erwerb von Grundstücken vom Luxemburger Staat am Standort rue Eucosider - Bewilligung des Kaufaktes.

Bewilligung einstimmig.

## 8.5. - Liegenschaften.

Mietvertrag mit Herrn Roger Niedercorn zwecks Vermietung von Gemeindegrundstücken an den Standorten Im Gelben Butter, Im Dielchen und In den Alerten in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

## 9. - Unterrichtswesen.

Kostenvoranschlag (98.000 Euro) und Abstimmung eines Zusatzkredites (44.000 Euro) zwecks Lieferung sowie Aufstellen von Spielgeräten im Hof der Kindertagesstätte in Rodange - Beschluss.

Beschluss mit 16 Stimmen (CSV, LSAP, déi gréng, DP) sowie 1 Gegenstimme (adr).

## 10. - Musikunterricht.

Provisorische Unterrichtsorganisation der Musikschule für das Schuljahr 2012/2013 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

## 11. - Soziales.

Konvention mit dem Club Senior Prénzeberg für das Rechnungsjahr 2012 – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

## 12. - Stadtplanung.

Änderung der Konvention Pacte Logement - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Herr Rosenfeld hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

## 13. - Sport und Freizeit.

Mietvertrag zwecks Vermietung von Grundstücken in Petingen an den Standorten Auf der Langwies und In Hackert an den Staat - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

## 14. - Verkehrsinfrastrukturen.

Kostenvoranschlag und Beschluss eines Spezialkredites in Höhe von 50.000 Euro zwecks Erneuerung der Wasserleitung in der rue de l'Hôtel de Ville in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

## 15. - Vereinswesen.

Vergabe von Subsidien an Vereinigungen - Beschluss.

*Der Gesamtbetrag der Subsidien, welche ausbezahlt werden, beläuft sich auf 110.844,68 Euro.*

Beschluss einstimmig. Herr Bosseler hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

# Séance publique du 30 juillet 2012

Durée de la séance: 9.00 à 9.40 heures

## Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)

Breyer Roland, 1<sup>er</sup> échevin (CSV)

Conter-Klein Raymonde, 2<sup>e</sup> échevin (CSV)

Linden Jeannot, 3<sup>e</sup> échevin (LSAP)

Bosseler Camille (CSV)

Conzemius-Holcher Josette (CSV)

Gira Carlo (CSV)

Polfer John (CSV)

Rosenfeld Romain (CSV)

Brecht Guy (LSAP)

Mertzig Romain (LSAP)

Pierre Norbert (LSAP)

Scheuer Romain (déi gréng)

Welter Gilbert (DP)

Thein Joé (adr)

## Absents et excusés:

Becker Romain (déi gréng), Gonçalves Cátia (LSAP)

## ORDRE DU JOUR

### Séance à huis clos (09.00 heures)

#### 1. Affaires sociales

1.1. Nomination d'aide-éducateur (m/f) à durée déterminée et à tâche partielle (20 heures/semaine) - décision.

1.2. Nomination d'aide-éducateur (m/f) à durée indéterminée et à tâche partielle (10 heures/semaine) - décision.

1.3. Nomination d'éducateurs diplômés (m/f) à durée indéterminée et à tâche partielle (35 heures/semaine) - décision.

1.4. Nomination d'éducateurs diplômés (m/f) à durée indéterminée et à tâche partielle (30 heures/semaine) - décision.

### Séance publique (09.30 heures)

2. Enseignement: Organisation scolaire pour l'année 2012/2013: occupation des postes - décisions.

## COMPTE RENDU

### 1.

**Le point 1 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.**

**Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:**

**Affaires sociales: nomination d'un aide-éducateur (m/f) à durée déterminée et à tâche partielle (20 heures par semaine) pour les besoins des Maisons Relais – décision.**

Mme Kieffer Joëlle ép. Jakoby, de Lamadelaine, est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle.

**Affaires sociales: nomination d'un aide-éducateur (m/f) à durée indéterminée et à tâche partielle (10 heures par semaine de classe) pour les besoins des Maisons Relais – décision.**

Mme Gres Brigitte, de Rodange, est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle.

**Affaires sociales: nomination d'éducateurs diplômés (m/f) à durée indéterminée et à tâche partielle (35 heures par semaine) pour les besoins des Maisons Relais – décision.**

M. Schneider Tim, d'Esch-sur-Alzette, Mme Gerard Sarah, de Dippach et Mme Bichel Costa Melissa, de Belvaux, sont nommés comme éducateurs diplômés à tâche partielle.

**Affaires sociales: nomination d'éducateurs diplômés (m/f) à durée indéterminée et à tâche partielle (30 heures par semaine) pour les besoins des Maisons Relais – décision.**

Mme Kaufmann Kim, de Soleuvre, Fioriferi Mandy, de Bascharage et Philippart Aline, de Lamadelaine, sont nommées comme éducatrices diplômées à tâche partielle.

### 2.

#### Enseignement.

Organisation scolaire pour l'année 2012/2013: occupation des postes – décisions.

#### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir wollten an dëser Sëtzung nach eng Kéier de Point vun der Schoulorganisatioun 2012/2013 maachen, nodeems datt mer d'Affektatioun vum Ministère de l'Éducation nationale matgedeelt kruten.

Et geet also hei drëm, fir eng Décisioun iwwer d'Occupation des postes virzehuelen. Och wa mer elo eng Rei Affektatioune matgedeelt kritt hunn, muss ee leider Gottes awer soen, datt mer eng ganz Rei Saachen nach net zur Dispositioun hunn. Esou datt ee sech wierklech d'Fro muss stellen, ob een nach eng Sëtzung muss esou spéit am Juli maachen. Well et sti jo awer nach eng ganz Rei Punkten op. Et sinn datt zum Beispill d'Poste bei den Déchargen an der Neiwiss an an der Fonderie, oder och den 2. Intervenant beim Précoce, wou mer nach kee matgedeelt krute vum Ministère.

Dobäi feelen och nach d'Schwammeeschteren an deem Dokument. Op der anere Säit sinn och nach eng ganz Rei Modifikatioune gemaach ginn – a leschter Minutt – wou d'Affektatioune net mat deem iwwerenee gestëmmt hu par rapport zu deem, wou déi Leit ëmmer virdu geschafft hunn, an doduerch d'Stonnen och net honnertprozenteg klappen. Esou datt dat Dokument, dat mer elo hei virleien hunn, nach ëmmer nëmmen een Draft ass an nach ëmmer net definitiv ass.

Mir géifen awer gären am August de Leit schreiwen – nodeem datt mer dann déi lescht Modifikatioune vum Ministère solle matgedeelt kritt hunn – wéivill Leit an deene verschiddene Schoule sinn. All Kand kritt jo och dann e Courier, wou et an d'Schoul geet, watfir eng Léierpersoun et huet, asw. . An dat wollte mer och fir d'éischt dem Gemengerot weisen an och vum Gemengerot ofseene loossen. Dat, wat mer haut hei virleien hunn, sinn 90% vum definitiven Dokument.

**Gira Carlo (CSV):**

Dir hutt elo just gesot, datt mer nach eng drop zeréck kommen. Mä dat ass jo da wann d'Schoul schonn un ass.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass esou, datt de Schännerot dat dann elo mécht, aktéiert an dann och fortschéckt. Déi meescht Gemenge maachen dat esou. Mir wollten awer dem Gemengerot d'Virrecht gi fir doriwwer ze befannen. Well awer, bei deene Punkten do, d'Situatioun esou ass, datt mer nach ëmmer keng Informatiounen hunn, kënnen mer dem Gemengerot déi och net virginn. Et ass esou, datt mer drop waarden, datt de Ministère all Moment soll déi lescht Posten och besetzen, déi Affektatioune virhëlt. An doropshi gétt dat Dokument da vervollstännegt. Esou bal dat ganzt Dokument bis steet, wäerte mer dem Gemengerot et och zoukomme loossen. Mä mir wäerten awer normalerweis keng Sëtzung méi virun der Rentrée scolaire hunn.

**Gira Carlo (CSV):**

Afloss hu mer jo souwisou keen drop. Dat heescht jo och, datt d'Schoulkommissioun keen Avis méi doriwwer kann ofginn?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Doriwwer gétt d'Schoulkommissioun souwisou keen Avis of.

**Accord à l'unanimité.**

## Gemeinderatssitzung vom 30. Juli 2012

**Anwesend:**

**Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV)

**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV)

**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)

**Linden Jeannot**, 3. Schöffe (LSAP)

**Bosseler Camille** (CSV)

**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)

**Gira Carlo** (CSV)

**Polfer John** (CSV)

**Rosenfeld Romain** (CSV)

**Brecht Guy** (LSAP)

**Mertzig Romain** (LSAP)

**Pierre Norbert** (LSAP)

**Scheuer Romain** (déi gréng)

**Welter Gilbert** (DP)

**Thein Joé** (adr)

**Abwesend und entschuldigt:**

**Becker Romain** (déi gréng), **Gonçalves Cátia** (LSAP)

**1.1. - Soziales.**

Ernennung eines Hilfserziehers (m/w) – Teilzeitbeschäftigung (20 Stunden/Woche) und auf begrenzte Zeit – für die Maison relais – Beschluss.

Frau Joëlle Kieffer, verh. Jakoby, aus Lamadelaine, wurde für diesen Teilzeitposten eingestellt.

**1.2 - Soziales.**

Ernennung eines Hilfserziehers (m/w) – Teilzeitbeschäftigung (10 Stunden/Unterrichtswoche) und auf unbegrenzte Zeit – für die Maison relais – Beschluss.

Frau Brigitte Gres aus Rodange, wurde für diesen Teilzeitposten eingestellt.

**1.3. - Soziales.**

Ernennung von Diplomerziehern (w/m) – Teilzeitbeschäftigung (35 Stunden/Woche) und auf unbegrenzte Zeit – für die Maison relais – Beschluss.

Eingestellt wurden für die Funktion der Diplomerzieher: Herr Tim Schneider aus Esch/Alzette, Frau Sarah Gerard aus Dippach und Frau Melissa Costa Bichel aus Beles.

**1.4. - Soziales.**

Ernennung von Diplomerziehern (w/m) – Teilzeitbeschäftigung (30 Stunden/Woche) und auf unbegrenzte Zeit – für die Maison relais – Beschluss.

Eingestellt wurden für die Funktion der Diplomerzieher: Frau Kim Kaufmann aus Zolwer, Frau Mandy Fioriferi aus Niederkerschen und Frau Aline Philippart aus Lamadelaine.

**2. - Schulunterricht.**

Schulorganisation 2012/2013: Besetzung der Personalstellen – Beschluss.

Beschluss einstimmig.